N°2828
Entrée le 19.09.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°2828 vum 3. September 2025 vum éierbaren Deputéierte Marc Spautz**

1. **Wéi schätzt d'Regierung d'Auswierkunge vum Urteel vum Beruffungsgeriicht zu Washington op déi aktuell Handelsbezéiungen tëschent der EU an den USA an?**

2. **Wéi eng Konsequenzen huet d'Urteel fir d'Handelsaccorden déi den US-President an der Tëschenzäit ofgeschloss huet an déi schonns a Kraaft si respektive déi déi nach net a Kraaft getruede sinn?**

3. **Huet d'Regierung an dësem Kontext scho Kontakt mat der EU-Kommissioun opgeholl, fir iwwer méiglech Konsequenze vun dësem Urteel ze diskutéieren?**

4. **Ass ze erwaarden, datt den Handelsaccord deen den US-President mat der EU ofgeschloss huet, duerch dëst Urteel wäert iwwerpréift oder nei verhandelt ginn, fir Rechtssécherheet ze garantéieren?**

Déi beschriwwe juristesch Prozedur gëtt am amerikanesche Rechtssystem duerchgefouert an ass aktuell nach net ofgeschloss. Aus dësem Grond ass et nach verfréit fir sech zu dëser Prozedur kënnen ze prononcéieren. Den Ausseministère steet am permanente Kontakt mat der europäescher Kommissioun.

Lëtzebuerg, den 19. September 2025

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel